



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 8124 vum 4. Juli 2023 vun dem honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Präzisionen.

Inklusivitéit a Gläichberechtigung gehéieren zu de Schlësselwäerter vun der Universitét Lëtzebuerg. An all hiren Aktivitéite beméit d'Universitét sech, en inklusiivt a gerecht Ëmfeld unzebidden, esou wuel fir hir Mataarbechter wéi fir hir Studenten. Als Deel vun hirer Politik fir d'Gläichberechtigung vun de Geschlechter promouvéiert d'Universitét eng inklusiv Sprooch an hirer interner Kommunikatioun („internal corporate communication“); e Projet fir Richtlinnen opzesetzen ass amgaang.

D'Universitét huet keng Politik, déi eng inklusiv Sprooch an de schrëftlechen Aarbechten oder den Examen imposéiert, obwuel se kann encouragéiert ginn.

Geméiss den Artikelen 46 an 48 vum modifizéierte Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwer d'Organisatioun vun der Universitét Lëtzebuerg huet e Student ënner gewësse Konditiounen d'Recht, eng akademesch Entschéedung, déi hie betrëfft, unzeferchten, ënnert anerem am Kontext vun de Studentebewäertungen an der Attributioun vun Notten.

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2023

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch